n° 2675

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 17. August 2020

REÇU
Par Alff Christian , 08:22, 18/08/2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, géife ech Iech bieden folgend **dringend parlamentaresch Fro** un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a fir bannenzeg Sécherheet betreffend déi **administrativ Fourrière vun der Police zu Esch/Belval** weiderzeleeden.

Am Mee d'lescht Joer hat ech de Minister op méiglech Sécherheetsproblemer an der Fourrière vun der Police zu Esch/Belval ugeschwat. Dat (i) nodeems d'Kulturministerin matgedeelt hat, dass d'Gebléishal aus Sécherheetsgrënn net fir Esch 2022 zur Verfügung stéing a (ii) well an deem selwechte Gebai och d'Fourrière vun der Police ënnerbruecht ass.

De Minister huet deemools gemengt:

„Generell ass et esou datt d'Polizisten, respektiv d'Mataarbechter vun Ofschleefdéngschter, d'Propriétairen vun deenen ofgeschleeften Autoen an d'Visiteure vun Autosteeën an dëser Hal just déi Zait präsent sinn, déi néideg ass."

Mengen Informatiounen no, **ass d'Fourrière elo duerch Decisioun vum 14. August 2020 aus Sécherheetsgrënn a mat Effet immédiat zougemaach ginn**. D'Police wier iwwerdeems op der Sich no enger provisorescher Léisung.

Duerfir wéilt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Kann den Här Minister dës Informatiounen bestätegen?

- Besëtzt de Staat respektiv de Fonds Belval Terrainen / Gebailechkeeten am Süde vum Land déi als Provisorium kéinte dengen?

    - Wa jo, wou befanne sech dës „Immobilien"?
    - Wann net, firwat gouf net schonn 2019 mat der Sich no enger provisorescher Léisung ugefaangen (en vue vun enger definitiver Léisung am Beräich vum Rond-Point Raemerich zu Esch/Belval?

Mat déifstem Respekt,

Georges Mischo
Deputéierten

Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (18.08.2020)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 18 août 2020

Objet : Question parlementaire n° 2675 du 17.08.2020 de Monsieur le Député Georges Mischo - Fermeture de la fourrière de la Police grand-ducale à Esch-sur-Alzette

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés